

AN NACH ENG KEIER 20 SAACHEN

DÉI S DU VLÄICHT NET IWWERT D'WELT VUN DE SPROOCHE WOSST...

GEFÄERDET SCHRËFTLOS SPROOCHEN

Déi meescht Sproochen an Dialekter op der Welt hu keng Schrëft. A Mexiko ginn et iwwer 100 indigène Sproochen an Dialekter ouni Schrëft. An Indie sinn et der iwwer 1000. Eng Etüd vum MIT schätzt, dass ongeféier 3000 Sprooche weltwäit vum Ausstierwe bedrot sinn, well nëmme wéineg Kanner se léieren.

DÉI AACT GRÉISST ALPHABETEN,

déi hautesdaags am Gebrauch sinn: Arabesch, Hebräesch/Aramäesch, Armeenesch, Brahmi, Kyrillesch, Georgesch, Griichesesch, Latäin.



Niamh, Aoife, Fionnuala a Saoirse sinn **IRESCH NIMM**, mee kanns du se och richtig ausschwätzen? Op edl.ecml.at/irishnames kanns du lauschteren, wéi dës a vill aner Nimm aus Irland kléngen.



Op **FRANSÉISCH** ginn et 16 Aart a Weisen, den "o"-Laut an engem Wuert ze schreiwen: au, aux, aud, auds, aut, auts, eau, eaux, o, ô, ods, op, ops, os, ot, ots.

Oo Ωω

Am **GRIICHESCHEN** Alphabet hunn d'Buschtawen Omikron an Omega eppes gemeinsam: Dat éischt bedeit „klengen O“ (o mikron) an dat zweet „groussen O“ (o mega).



Dat **SPUENESCHT** Wuert fir Oliv (aceituna) staamt vum arabesche Wuert „zaytun“ (زيتون). Doru kann een de spannende Lien tëschent béide Kulturen erkennen: Béid Wierder bezéie sech souwuel op d'Oliv selwer wéi och op den Ueleg, deem dorausser gewonne gëtt.

Déi zwee Länner ausserhalb vun Europa mat der gréisster Unzuel un **DÄITSPROOCHEGE** Mënsche si Brasilien 🇧🇷 an d'USA 🇺🇸.

www.coe.int/edl #COEEDL

DEE VERWIRRENDSTE VULL

OP DER WELT heescht op Griichesesch „franséisch Hung“, op portugisesch „Peru“, op tierkesch „Hindi“ an op Englesch „Turkey“.



FALSCH FRËNN si Wierder a verschiddene Sproochen, déi sech a punkto Schreifweis oder Klang änelen, mee vëlleg verschidde Bedeitungen hunn. Z.B. ähelt dat italieenescht Wuert *squisito* dem lëtzebuergeschen „exquisitt“, während op Portugisesch *esquisito* „gelungen“ bedeit.



D'INDUSCHRËFT ass déi eelst nach net entschlësselt Schrëft. Si gouf circa 2600 v. Chr. am Indus-Dall, dat hautesdaags am Pakistan läit, benotzt. Vlächicht kanns du se entschlësselen a berüümt ginn?

MOIEN AN ÄDDI

Den informelle polnesche Grouss *Cześć* ka souwuel fir ze begréisse wéi och fir Äddi ze soe benotzt ginn. Dat selwecht gëllt fir *Ciao* am Italieeneschen, *Salut* am Franséischen, a *Servus*, wat vill an Éisterräich benotzt gëtt.

תִּרְבֶּעַ

HEBRÄESCH ass déi bis elo erfollegräichst reaniméiert Sprooch op der Welt. Si gouf während circa 1500 Joer net als Mammesprooch oder am Alldag benotzt, bis zu hirer Reanimatioun am 19. Joerhonnert. Hautdesdaags gëtt Hebräesch vun iwwer 9 Milliounen Leit geschwat.

A ville Sprooche ginn et eemoleg oniwwersetzbar Wierder. Z.B. bedeit *gökotta* op **SCHWEEDESCH** „fréi moies opstoen, fir eraus ze goen an d'Villercher sangen ze héieren“, *culaccino* op **ITALIEENESCH** „de fichten Odrock, deem e Glas op engem Dësch hannerléisst“, *nixen* op **HOLLÄNNESCH** „sech néiersetzen an iwwerhaapt näischt maachen“.



Dat **FRANSÉISCHT** Wuert

fir Gromper ass *pomme*

de terre, also „Apel vun der Äerd“. Dat

ITALIEENESCHT Wuert fir Tomat anerersäits ass *pomodoro*, wat „gëllenen Apel“ (pomo + d'oro) bedeit. An Éisterräich an a Bayern kann ee fir Gromper iwwregens och „Erdapfel“ soen.



Anescht wéi a villen anere Sprooche

kann een am **DÄITSCH** ganz einfach nei

Wierder kreéieren, andeems een zwee

Wierder matenee verbënnt: Vor + Freude = Vorfreude, Hand + Schuh = Handschuh, Zwei + Einsamkeit = Zweisamkeit. Wéi vill Wierder falen dir nach an?

გამარჯობა

Am **GEORGESCH** ginn d'Wierder normalerweis esou ausgeschwat, wéi se geschriwwen ginn. All d'Buschtawen hunn ausschliisslech eng bestëmmt Aussprooch a meeschtens gëtt déi éischt Silb vun engem Wuert betount. Dat mécht et relativ einfach Georgesch ze léieren, wann ee bis emol dat georgescht Alphabet geléiert huet!

D'Wuert **JANUAR** léisst sech op de Janus zeréckféieren, de réimesche Gott vu Portaler, Dieren an Duerchgäng. Dat englescht Wuert *janitor* (Concierge) an dat portugisescht Wuert *janela* (Fënster) hunn deen nammlechten Ursprung.



Islänner kafe fir Chrëschttag sou vill Bicher, dass si en eegent Wuert dofir hunn: *jólabókafloð* „Chrëschtdaagsbicherflut“.

SCRABBLE ass de Kinnek vun alle Sproochespiller. Et gouf 1931 erfonden an existéiert momentan an 38 verschiddene Sprooche, dorënner Färoesch a Latäin. Déi bescht Spiller triede souguer op Weltmeeschterschafte géinteneen un!

Kenns du **ARAGONEESCH**? Et gouf eng Zäit, an där déi Sprooch wäit verbreet war, mee haut gëtt se nëmme nach an engem Deel vun de Pyrenäen am Norde vu Spuenie geschwat. Ongeféier 11000 Mënsche schwätzen déi Sprooch, déi Änlechkeete mat der spuenescher Sprooch huet, mee awer en eenzegaartege Wuertschatz an Téin huet.

Europäeschen Dag vun de Sproochen 26. September

